

Camille's Gaart

Natur- a Skulpturegaart vun der Gemeng Biekerech

Jardin de nature et de sculptures de la Commune de Beckerich



Ee Pad fir e Spazéiergank,
fir d'Entdecken, d'Nodenken
an d'Erënnerung.

Un chemin pour la promenade,
la découverte, la réflexion
et le souvenir.

Sommaire

4 ... e puer Wierder zur Aleedung
... quelques mots d'introduction

6 STATIOUN STATION 1
Portal mat Wäitbléck
Portail avec vue lointaine

8 STATIOUN STATION 2
Gedankekolonn
Colonne de réflexion

12 STATIOUN STATION 3
Weideblécker
Regards à travers les saules

14 STATIOUN STATION 4
**Ech sinn de groussen
Héxemeeschter**

16 STATIOUN STATION 5
Di grouss Ech
Le grand chêne

20 STATIOUN STATION 6
Um Weier
Sur l'étang

22 STATIOUN STATION 7
Am Labyrinth
Dans le labyrinthe

24 STATIOUN STATION 8
**Mam Kapp
an der Natur**
La tête dans la nature

28 STATIOUN STATION 9
Nolauschteren
Prêter une oreille attentive

30 STATIOUN STATION 10
D'Famill
La famille

32 STATIOUN STATION 11
**Homo libri, ce que
je lis me construit**

36 STATIOUN STATION 12
Humor
Humour

40 STATIOUN STATION 13
Échange continu
Échange continu

42 STATIOUN STATION 14
Ë grouss Mann
Un grand homme

46 STATIOUN STATION 15
De Fuuss
Le renard

50 **Merci**



Dës Broschür ass och
disponibel op Däitsch

Cette brochure est aussi
disponible en allemand

kulturmillen.lu





... e puer Wierder zur Aleedung ... quelques mots d'introduction

LU

De Natur- a Skulpture- gaart um Site vun der Biekerecher Millen gëtt de Visiteuren d'Méiglechkeet, an- hand vu **15 Statiounen de Mënsch Camille Gira** - laangjärege **Buergermeeschter** vu senger Heemechts- gemeng Biekerech a **Staatssekretär fir Nohalteg Entwécklung an Ëmwelt** - kennenze- léiern, respektiv sech un hien a säi Wierken z'erënnern.

D'**Gemeng Biekerech**, de Veräin **natur & ëmwelt**, **Sektioun Kanton Réiden** an d'**Famill vum Camille Gira** erméiglechen dës besonnesch Plaz vun der Erënnung. Si ergänzt an erweidert déi scho beste- hend a villsäiteg Offer vum **Kulturzentrum Kulturmillen** a schléit eng **Bréck tëschent Natur a Konscht**.

D'Statioun vum Camille's Gaart befannen sech deel- weis an enger **geschützter Gringzon**, an där eng **exten-**

FR

Le jardin de nature et de sculptures sur le site du moulin de Beckerich donne aux visiteurs la possibilité, à travers **15 stations**, de faire la connaissance de la **personne Camille Gira** - **bourgmestre** à long terme de sa commune natale Beckerich ainsi que **secrétaire d'État pour le développement durable et l'environnement** - et de se sou- venir de lui et de son travail.

La **Commune de Beckerich**, l'association **nature & envi- ronnement**, **section canton de Redange** et la **famille de Camille Gira** rendent pos- sible ce mémorial spécial. Il complète et élargit l'offre diversifiée déjà existante du centre de la culture **Kultur- millen** et construit un **pont entre la nature et l'art**.

Les stations du Camille's Gaart se trouvent partielle- ment dans une **zone verte protégée**, dans laquelle une **gestion extensive** est

De Camille Gira ass de **16. Mee 2018** onerwaart an tragesch aus dem Liewe gerappt ginn.

Le **16 mai 2018** Camille Gira fut arraché à la vie de façon inattendue et tragique.



Camille Gira

siv Bewirtschaftung be- driwwe gëtt mam Zil vun der Ëmwandlung an eng souge- nannte **Flaachlandméiwiss**. D'Begleedung an d'Ëmset- zung vun dëse Moosssname gi vum **Naturschutzsyndicat SICONA** assuréiert.

Dem Camille Gira seng **Verbonnenheet** zu senger **Heemechtsgemeng**, säin **Engagement** a seng **Léift fir d'Natur**, seng **Wäerter an Handlung** grad wéi seng **Leidenschaft fir Konscht** kann ee bei der Visitt vun dësem Gaart mat senger ver- schiddene Konschtobjeten a mat senger besonnescher Flora a Fauna entdecken.

Dëse Gaart ass eng **Plaz vun der Rou**, vum **Asechgoen** a vum **Nodenken**. Huelst lech di néideg **Zäit** dofir.

Mir wënschen lech dobäi vill Freed.

Gemeng Biekerech

pratiquée avec le but d'une conversion dans une soi- disant **prairie fauchée de plaine**. L'accompagnement et la mise en oeuvre de ces mesures sont assurés par le **Syndicat de conservation de la nature SICONA**.

L'**attachement** de Camille Gira à sa **commune natale**, son **engagement** et son **amour pour la nature**, ses **valeurs et ses actions** ainsi que sa **passion pour l'art** peuvent être découverts lors de la visite de ce jardin avec ses divers objets d'art et sa flore et faune particulières.

Ce jardin est un **lieu de calme**, de **recueillement** et de **réflexion**. Prenez votre **temps** !

Nous vous souhaitons beaucoup de plaisir.

Commune de Beckerich



GEMENG
BIEKERECH

Portal mat Wäitbléck

Portail avec vue lointaine



Kënschtler
Artiste
Jhemp Bastin

LU

Meng Skulpture sinn eng Aart Spannungsvollen Dialog tëschent dem naturgewuessene Bam, dem Material Holz a menge kënschtlerechen Iddien. Déi Formen, déi dobäi entstinn, si mol méi organesch a beweegt, mol méi geometresch an elementar. Ech probéieren dem Bam säi Wiesen an säi Charakter ze erfassen, ze respektéieren an interessant a bedeutungsvoll Skulpturen z'erschafen.

D'Skulptur besteet aus zwee Deeler, déi liicht versat beieene stinn. Si symboliséiert eng Aart grousst Portal als Entrée zum „Camille's Gaart“, an ass esou orientéiert, dass si de Bléck opmécht op de Park.

Den Duerchgang entsprécht a senger Form a Gréisst der schmueler, héichgewuessener Silhouette vum Camille Gira. Dat Portal ass net nëmmen den Agang zum Park, mee et ass och d'Dir zum Camille senger Welt mat deene verschiddene Skulpturen, déi säi Liewen a Wierke representéieren.

FR

Mon travail est une sorte de dialogue entre le bois, l'arbre avec ses formes naturelles et mes idées artistiques. Les sculptures qui en résultent sont tantôt organiques et en mouvement, tantôt géométriques et élémentaires. J'essaie de capturer l'essence et le caractère de l'arbre, de le respecter et de lui donner une forme intéressante et significative.

La sculpture se compose de deux éléments qui sont dressés non pas dans une ligne, mais légèrement décalés et orientés de façon à ouvrir la vue sur le parc. Elle symbolise une sorte de grand portail d'entrée au « Camille's Gaart ».

Le passage assez étroit entre les deux piliers ainsi que la hauteur correspondent à la silhouette fine et élancée de Camille Gira. Ainsi, le portail n'est pas seulement l'entrée du parc, mais aussi la passerelle de Camille vers son univers, illustré par les différentes sculptures qui représentent sa vie et son œuvre.

Gedankekolonn

Colonne de réflexion



Kënschtlerin
Artiste
**Maya Wagner
Decker**

LU

Konscht ass schonn zënter laanger Zäit en Deel vu mengem Liewen. Wann ech schaffen, fillen ech mech déif mat mir selwer verbonnen, a kann e Stéck vu mir a meng Wierker eraginn. Zënter ech meng Studien am Beräich vun der Pädagogik ugefaang hunn, ass mir nach méi bewosst ginn, wéi wichteg Konscht fir mech ass – a wéi e groussen Impakt se op aner Mënsche kann hunn. Konscht ass fir mech eng Form vu Kommunikatioun, déi iwwer Wierder erausgeet.

D'Skulptur „Gedankekolonn“ symboliséiert eng Rees an d'Welt vun de Gedanken an der Selbstreflexioun. Vun der Basis bis an d'Spëtz entwéckelt si sech a verschidde Formen, déi Begrëffer wéi Eenheet, Labyrinth, Stëll an Onendlechkeet visuell ophuelen. All Deel vun der Skulptur weist eng Etapp, déi dozou uleet, nozedenken, Gefiller zouzeloossen a sech selwer besser ze verstoen.

D'Verbindung vun natierleche Materialien, wéi Holz a Leem, ënnersträicht d'Be-

FR

L'art est depuis longtemps une partie de ma vie. Quand je travaille, je me sens profondément connectée avec moi-même et je peux faire entrer une part de moi dans mes œuvres. Depuis que j'ai commencé mes études en pédagogie, j'ai encore plus pris conscience de l'importance de l'art pour moi – et quel impact il peut avoir sur les autres. L'art est pour moi une forme de communication qui dépasse les mots.

La sculpture « Colonne de réflexion » symbolise un voyage à travers le monde des pensées et de la réflexion personnelle. De la base vers le haut elle se développe dans des formes diverses qui rassemblent visuellement des termes comme unité, labyrinthe, silence et infini. Chaque partie de la sculpture montre une étape qui invite à réfléchir, à autoriser les sentiments et à se connaître mieux soi-même.

La liaison de matériaux naturels, comme le bois et l'argile, met l'accent sur la



De Camille huet d'Aarbecht vum Josy Schweicher mat sengem engagierten Team, a senger Millen, déi him sou wichteg war, zäitliewes vu ganzem Häerzen ënnerstëtzt. De Mënsche vertrauen, se wierdegen a wäertschätzen, war fir hien ëmmer ganz wichteg an der Ëmsetzung a fir d'Gelënge vu senger ville Projeten.

zéiung tëschent Mënsch an Natur. D'Forme si fräi entwéckelt – ouni feste Plang –, sou wéi och d'Gedanken entstinn: spontan, déif a voller Beweegung. „Gedankekolonn“ invitéiert de Betruechter dozou, eng kleng Paus ze maachen an an d'Welt vum Nodenken anzetauchen.

Sou hat och de Camille seng Plaze fir nozedenken, zur Rou ze kommen, seng Gedanken ze sortéieren. Am Sëtzen, doheem am Gaart an um Kuelebiereg op der Bänk ënnert de Lanne virun der Kapell. Oder a Beweegung, duerch de Bësch, an iwwert d'Velospist bei d'Närdener Baach d'Vulle kucken.

Millepätteren

D'Millepättere sinn eng Institution an der Biekerecher Gemeng!

Di berüümt-berüchtegt Knieweler – eng Grupp vu Pensionären déi ëmmer méi grouss gëtt – reparéieren, restauréieren, entwerfen a konstruéieren säit laanger Zäit an der historiescher Seeërei vum der Biekerecher Millen di verschiddenst Maschinnen, Miwwelen a souguer ... Bushaltestellen! Duerch si ass och di historiesch Turbinn vum der Millen nees funktionell gemaach an d'Millerad nogebaut ginn. D'Grupp

relation entre homme et nature. Les formes sont développées librement – sans plan concret –, de la même manière que surgissent les pensées : spontanément, profondément, en plein mouvement. La « Colonne de réflexion » invite le spectateur à faire une petite pause et à plonger dans le monde de la réflexion.

Ainsi Camille aussi avait ses lieux pour réfléchir, se reposer, mettre de l'ordre dans ses pensées. En position assise, à la maison dans le jardin et au Kuelebiereg sur le banc sous les tilleuls devant la chapelle. Ou en mouvement, à travers les bois et sur la piste cyclable vers le ruisseau de Noerdange pour observer les oiseaux.

Les Millepätteren sont une institution dans la Commune de Beckerich!

Les fameux Knieweler (hommes à tout faire) – un groupe de retraités qui est en constante augmentation – réparent, restaurent, conçoivent et construisent depuis longtemps dans la scierie historique du moulin de Beckerich des machines et des meubles divers, et même ... des arrêts de bus! Grâce à eux la turbine historique du moulin a été remise en état de marche et la roue à aubes reconstruite. Le groupe organise réguliè-

organisiert regelméisseg guidéiert Visitten a Virféierungen an der Seeërei.

Ugefaangen huet alles am Joer 2000 am Kader vum legendäre Sonneblumfest, wéi de Camille mam Josy Schweicher d'Seeërei mat all hiren historiesche Schätz a soss allerlee Saachen entdeckt huet. De Josy huet dem Camille virgeschloen, d'Seeërei nees a Stand ze setzen. Deen huet bei deem schlechten Zoustand vum der Seeërei an hire Maschinnen e bëssen ongleeweg gefrot, wéi dat da sollt realiséiert ginn! Mee de Josy huet just ganz roueg geäntwert: „Mir kënnen dat.“

Dat war d'Geburtsstonn vum der Millepätteren! Nom Josy a Louis sinn ëmmer méi Pätteren an d'Grupp derbäi komm an no ville Joren haarder Aarbecht, an deenen si net nëmme kiloweis Léisungsmëttel géint de Rascht a Glaspabeier verbraucht hunn, mee och all hiert Wëssen a Kënnen an deenen ënnerschiddlechsten Handwierkerberuffer afléisse gelooss hunn, ass eng lieweg Plaz vum der Zäitgeschicht entstanen, déi als kulturellt lerwen an d'Geschicht vum der Gemeng Biekerech agaangen ass.

rement des visites guidées et des démonstrations dans la scierie.

Tout a commencé en l'an 2000 dans le cadre de la légendaire fête du tournesol, quand Camille a exploré ensemble avec Josy Schweicher la scierie avec tous ses trésors historiques et biens. En ce moment Josy a proposé à Camille de remettre en état la scierie. Celui-ci, vu l'état délabré de la scierie et de ses machines, a demandé un peu incrédule, comment on pourrait réaliser cela! Mais Josy a répondu calmement : « Nous sommes capables de le faire. »

C'était la naissance des Millepätteren! Après Josy et Louis, de plus en plus de Pätteren ont rejoint le groupe et après de nombreuses années de travail dur, lors duquel ils n'ont pas seulement utilisé des kilos de produit anti-rouille et de papier de verre, mais aussi apporté tout leur savoir-faire issu d'un large éventail de métiers artisanaux, un lieu vivant d'histoire contemporaine a été créé, qui est entré dans l'histoire de la Commune de Beckerich comme patrimoine culturel.

Tout au long de sa vie, Camille a soutenu de tout cœur le travail de Josy et de son équipe engagé, dans son moulin bien-aimé.

Faire confiance aux gens, les apprécier et les valoriser, c'était pour lui toujours essentiel pour la mise en oeuvre et la réussite de ses nombreux projets.

Ëmsetzung
Skulptur
Réalisation
de la sculpture
Maya Wagner Decker

Entwurf &
Konstruktioun
vun der Bänk
Conception &
construction
du banc
**Gérard Anzia,
d'Millepätteren &
Commune de
Beckerich**





STATION 3

Weideblécker

Regards à travers les saules



Kënschtlerin
Artiste
**Patrice
Verschure**

LU

Durchbléck a Wäitbléck.

Béides huet de Camille méi wéi eemol bewisen. Sou och als Matbegrënner vun der 1. Flosspartnerschaft vu Lëtzebuerg an als laangjärege President vun der Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l., fir déi ech schaffen. Villes kéint een hei soen, iwwer Waasser a Weiden, iwwer Biekerech a seng Kierfméchertraditioun, an iwwert de Camille, deem et gelongen ass, sech selwer net ëmmer alt ze eescht ze huelen.

Wann enges Daags dann ee Bussard dës Äscht wíelt fir sech hei niddierzeloossen an se ganz profan fir en Ausbléck notzt, dann, an do sinn ech mer sécher, wäert de Widderhall vun engem Laachen iwwert dësen Dall schwíewen.

Fir een Abléck.

FR

Prévoyance et clairvoyance.

C'est ce que Camille a prouvé plus d'une fois. Comme membre fondateur du 1^{er} partenariat de rivières du Luxembourg et en tant que président de la Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l. pour laquelle je travaille. Il y aurait beaucoup à dire ici, de l'eau et des osiers, de Beckerich avec sa tradition de vannerie et de Camille, qui a réussi à ne pas toujours se prendre trop au sérieux lui-même.

Si un jour un bussard choisit ces branches pour se poser et les utilise de manière très profane pour voir loin, alors, et là j'en suis sûre, l'écho d'un rire ondulera sur cette vallée.

Pour un instant.

Ëmsetzung
Réalisation
Patrice Verschure

Metallgerüst
Treillage en métal
Kaufmann & Biesen s.a.

Ech sinn de groussen Hexemeeschter



Kënschtler
Artiste
Albert Goedert

LU

De Schauspiller klëmmt
op d'Bün, klëmmt a seng
Roll, gëtt seng Figur – fir
doranner gutt ze sinn.

De Camille ass vun der
klenger Biekerecher Thea-
terbün op déi grouss Bün
vun der Politik geklomm –
fir doranner gutt ze sinn.

Dësen Theater ass op.
Publikum a Schauspiller si
beieneen, virum Rido.

De Rido geet op –
d'Millen ass d'Kuliss!

FR

L'acteur monte sur la scène,
entre dans son rôle, devient
son personnage – pour être
bon dans ce domaine.

Camille est monté de la
petite scène de théâtre de
Beckerich à la grande scène
de la politique – pour être
bon dans ce domaine.

Ce théâtre est ouvert. Le
public et les acteurs sont
ensemble, devant le rideau.

Le rideau s'ouvre –
le moulin est la coulisse.



Entwurf
Conception
Albert Goedert

Réalisation
Émsetzung

Natursteesockel
Socle en pierre
naturelle
Real Constructions sàrl

Holzkonstruktioun
Construction en bois
**Gérard Anzia mat ANF &
Gemeng Biekerech**

Den Albert Goedert ass
Architekt, Associé a Grën-
nungsmember vu Beng
Architectes Associés. Beng
konnt zanter 1991 vill inter-
essant Projeten zu Bieke-
rech realiséieren, dorënner
och an 3 Phasen vun 2004
bis 2011 d'Renovatioun vun
der Biekerecher Millen.

Albert Goedert est archi-
tecte, associé et membre
fondateur de Beng Archi-
tectes Associés. Beng a pu
réaliser depuis 1991 beau-
coup de projets intéressants
à Beckerich, parmi lesquels
il y a eu la rénovation en
trois phases de 2004 à 2011
du moulin de Beckerich.



STATION STATION 5

Di grouss Eech

Le grand chêne



Kënschtler
Artiste
Charel Reitz

LU

D'Eech huet a ville Kultur-
ren eng grouss, spirituell
Bedeutung: si ass e Sënn-
bild fir Standhaftegkeet,
Éierlechkeet, Kontinuitéit,
Männlechkeet a väterlech
Weisheet.

Dës Eech ass dee gréissten
an eelste Bam am „Camille's
Gaart“. Si ass net nëmmen –
an all Joreszäit – en impos-
anten Highlight um Wee.
Nee, si strahlt virun allem
Kraaft a Sécherheet aus
– vläicht di staark be-
schützend Schëller vum
Camille, op déi een sech
zu all Zäit konnt stäipen.

Den Uhu: Schonn als kleng
Jong hott mech de Bësch
faszinéiert. Ech së mat
mengem Papp ëfters an
de Bësch schaffe gaang
an dat hott mir ëmmer vill
Spaass gemaach. Dowéin-
ster hunn ech mech och
an den LTA ugemellt fir op
d'Fieschtersektioun, an do
hunn ech och deen interes-
santen, fräiwëllege Module
Schnëtzkurs kennege-
léiert. A well ech schonn
ëmmer gäre mat enger
Motorsee geschafft hunn,

FR

Le chêne a, dans beaucoup
de cultures, une grande
importance spirituelle : il
est symbole de fermeté,
d'honnêteté, de continuité,
de virilité et de sagesse
paternelle.

Ce chêne est le plus grand
et le plus vieil arbre du
« Camille's Gaart ». Il n'est
pas seulement – à chaque
saison – un imposant point
culminant sur le bord du
chemin. Non, il rayonne
surtout de force et de sé-
curité et – peut-être repré-
sente-t-il l'épaule forte et
protectrice de Camille, sur
laquelle on pouvait à tout
moment s'appuyer.

Le hibou Grand-Duc : Déjà
en tant que petit garçon
j'étais fasciné par la forêt,
j'ai souvent accompagné
mon père pour y travail-
ler, ce qui m'a toujours fait
grand plaisir. C'est pourquoi
je me suis inscrit à la section
forestière où j'ai appris à
connaître le module inté-
ressant et bénéfique pour
apprendre à tailler le bois.
Et puisque j'ai toujours aimé
travailler avec une tronçon-
neuse, je m'y suis inscrit, et



hunn ech mech och mol
do ugemellt an et hott mir
direkt gefall.

En Uhu trount iwwert de
Käpp vun de Visiteuren
op engem Aascht vun der
grousser Eech. Hie waacht
iwwert d'Natur; huet alles
am Bléck. A ville Kulturen
ass den Uhu - di gréissten
Eil vun Europa - als Sym-
bol fir Weisheet a Wësse
veréiert ginn.

Während dem Camille senger
Zäit als Staatssekretär am
Ëmweltministère sinn 2015
nei Natura 2000-Gebitter
ëffentlech virgestallt ginn
ënnert dem Motto: „De
Grand-Duc d'Europe ass
och an Ärer Géigend“
(Grand-Duc: franz. fir
„Groussherzog“ awer
och fir „Uhu“).

Mat der „Ackerbauschoul“
(Lycée Technique Agricole /
LTA Gilsdorf) ass et schonn
zu där Zäit wou de Camille
Buergermeeschter war, eng
enk Verbindung mat der
Gemeng Biekerech ginn.
Dofir ass beim Camille's
Gaart vun der Gemeng e
Concours am virdrun ernim-
mte „Schnëtzkurs“ aus-
geschriwwen ginn, bei dem di
bedeelegt Schüler*innen en
Uhu mat Motorsee-Technik
sollte realiséieren.

Den Uhu vum Charel Reitz
ass vun enger Jury aus-
gewielt a mat der Hëllef vun
Experte vun *Treetime* an
der grousser Eech befestigt
ginn.

cela m'a plu immédiatement.

Un hibou trône au-dessus
des têtes des visiteurs,
sur une branche du grand
chêne. Il veille sur la nature,
à tout sous contrôle. Dans
beaucoup de cultures, le
hibou grand-duc – le plus
grand hibou d'Europe – était
vénéré comme symbole de
la sagesse et du savoir.

Durant la période où Camille
était secrétaire d'Etat au Mi-
nistère de l'environnement,
de nouveaux territoires Na-
tura 2000 ont été présentés
officiellement en 2015 sous
le thème suivant : « Le
Grand-Duc est aussi dans
votre région » / Grand-Duc :
pour le chef d'État du
Luxembourg, mais aussi
pour le hibou Grand-Duc.

Il existait déjà une étroite
relation entre Camille et le
Lycée Technique Agricole
(LTA Gilsdorf) durant sa
période en tant que bourg-
mestre de la Commune de
Beckerich. C'est pourquoi,
lors de la réalisation du
Camille's Gaart, la commune
a lancé un concours dans
le cours de taillage, précé-
demment mentionné, où les
étudiant(e)s participant(e)s
devaient fabriquer un hibou
Grand-Duc à l'aide d'une
tronçonneuse.

Le hibou de Charel Reitz
fut sélectionné par un jury
et avec l'aide des experts
de *Treetime* installé dans le
grand chêne.



Ëmsetzung Uhu
Réalisation hibou
Charel Reitz

Installatioun Uhu
Installation hibou
Treetime

Eechelblat aus Holz
Feuille de chêne
en bois
**Gérard Anzia &
Julia Schrell**

Eechelen aus
Holz & Glas
Glands en bois
& verre
**Gérard Anzia &
Julia Schrell**
an Zusammen-
aarbecht mam
en collaboration
avec
Pascale Seil



STATION STATION 6

Um Weier sur l'étang

6

LU

De Schutz vun dësem Weier (Biotop) steet symbolesch fir den Aarteschutz vu Flora a Fauna. D'Quelleschutzgebitt niewendru steet fir dat liebenswichteg Element „Waasser“, eisem Drénkwaasser.

D'„Biekerecher Waasserfabrik“, de Schutz vun den Drénkwaasserquellen an och dat eegestänneg Netz fir d'Gemeng Biekerech mat Drénkwaasser ze versueren, waren dem Camille ganz besonnesch wichtig.

Dëse Stee lued dozou an, d'Liewe ronderëm an am Weier ze beobachten.

FR

La protection de cet étang (biotope) représente symboliquement la protection de la flore et de la faune. La zone de protection adjacente des sources représente l'élément vital « eau », notre eau potable.

L'« Usine d'eau de Beckenrich », la protection des sources d'eau potable ainsi que le réseau autonome d'approvisionnement en eau potable de la commune étaient pour Camille une priorité absolue.

Cette passerelle invite à observer la vie autour et dans l'étang.

Entwurf Stee
Conception
Passerelle
Albert Goedert

Ëmsetzung Stee
Réalisation Passerelle
**Gérard Anzia, Gemeng
Biekerech & ANF**



Am Labyrinth

Dans le labyrinthe

Iddi
Idée

**Gérard Anzia &
Julia Schrell**

LU

An engem Labyrinth kann ee sech verlafen. Op sengem Wee verléiert een d'Orientéierung, et muss een de Wee zu sengem gewönschten Zil sichen an erëmfannen.

Mee wat ass de richteg Wee bei d'Zil?

Et kann een an et muss een och heiansdo ganz nei Weeër goen, fir et ze erreechen. Oppe sinn. A kreativ. An net fäerten.

Ausdauer a Geduld féieren zum Erfolleg. Déi huet de Camille oft missen opbréngen.

D'Besucher sollen sech hire perséinleche Wee duerch d'Weide laanscht d'Ufer sichen.

D'Zil ass hei d'Ligebänk, op där si ganz entspaant däerfen dat betruichte wat am Weier geschitt, ofschalten, Kraaft tanken an dreemen ...

FR

Dans un labyrinthe on risque de se perdre. Sur son chemin on perd l'orientation, on doit chercher et retrouver le chemin qui conduit vers le but visé.

Mais quel est le bon chemin vers le but ?

Des fois, on peut et on doit choisir des chemins complètement nouveaux pour y arriver. Être ouvert. Créatif. Ne pas désespérer.

La persévérance et la patience sont payantes. Camille devait souvent en faire preuve.

Les visiteurs sont invités à chercher leur chemin personnel à travers les saules au bord de l'eau.

Le but ici c'est le banc, sur lequel ils peuvent, dans une position détendue, observer ce qui se passe dans l'étang, se détendre, recharger leurs batteries et rêver ...



Ëmsetzung Ligebänk
Réalisation banc
APEMH s.c.
Ateliers Housingen



STATION 8

Mam Kapp an der Natur

La tête dans la nature

8



| 25

Kënschtler
Artistes
Op der Schock

LU

Op der Schock ass eng
Plaz fir Mënsche mat be-
sonnesche Bedierfnësser
am Beräich vum Verstoen
a vum Léieren.

De Keramik-Atelier ass ee
vun den Ateliers d'Inclusion
Professionnelle zu Réiden.

Dës Käpp si mat vill Léift
a Kreativitéit duerch
d'Kënschtler*innen an
dësem Atelier entstanen.

Si symboliséieren d'Emo-
tiounen, déi d'Natur an eis
erwächt.

FR

Op der Schock est un lieu
pour les personnes ayant
des besoins particuliers
dans le domaine de la com-
préhension et de l'appren-
tissage.

L'atelier de céramique est
un des ateliers d'inclusion
professionnelle à Redange.

Ces têtes ont été créées
avec beaucoup d'amour et
de créativité par les artistes
de cet atelier.

Ils symbolisent les émotions
que la nature éveille en
nous.



Du calme et de la joie à l'admiration et au respect – chaque tête raconte sa propre histoire.

Ils sont un hommage à un homme qui comprenait et appréciait profondément la nature.

Dans le Camille's Gaart, on retrouve à la fois la mémoire et le lien entre l'homme et la nature.

Autrefois le petit cours d'eau ne coulait que sous terre de l'étang à la Millebaach. Le syndicat de protection de la nature SICONA a dégagé ce cours d'eau afin de créer un nouvel espace de vie pour les insectes et les plantes.

Le banc double invite au changement de perspective, pour observer – ensemble avec les visiteurs en céramique – ce qui se passe près de l'eau ou bien pour avoir un échange avec son voisin de siège à travers les bâtonnets en bois.

Vu Rou a Freed bis zu Bewonnerung a Respekt – all Kapp erzielt seng eege Geschicht.

Si sinn een Hommage un e Mann, deen d'Natur déif verstanen a geschat huet.

Am Camille's Gaart fënnt ee souwuel d'Erënnerung wéi och d'Verbindung tëscht Mënsch an Natur.

De kleng Waasserlaf ass soss just ënnerierdesch vum Weier an d'Millebaach gefloss. D' Naturschutzsyndikat SICONA huet dëse Laf fräigeluegt, fir neie Liewensraum fir Insekten a Planzen ze schafen.

D'Duebel-Bänk lued zum Perspektivwiessel an, fir dat wat am Waasser geschitt – zesumme mat de Visiteuren aus Keramik – ze beobachten oder sech mat sengem Sëtznober duerch d'Holzstaangen auszetauschen.



Ëmsetzung Käpp
Réalisation têtes
**Keramikatelier
Op der Schock**

Fräilleen a Beplanung
Waasserlaf
Dégagement et
plantation cours d'eau
SICONA

Entwurf Duebel-Bänk
Conception banc
double
Albert Goedert

Konstruktioun
Duebel-Bänk
Construction
banc double
ANF



Nolauschteren

Prêter une oreille attentive



Iddi
Idée
**Gérard Anzia &
Julia Schrell**

LU

Nolauschteren, dat
konnt de Camille!

Intensiivt Nolauschteren
huet fir hien 2 Saache be-
deit: d'Meenungen, d'Ge-
danken, d'Suergeren oder
d'Wënsch vu Biergerinnen
& Bierger, Frënn a Famill
kennenzelëieren a sech
domadder auserneenze-
setzen, fir dann doraus
Handlungen z'entwëckelen.

Sech vun aneren inspiréiere
loossen, fir esou selwer nei
kreativ Iddien a Weeër ze
fannen.

Op enger vun Hecken a
Beem geschützten, klenger
Hallefinsel vun der Mille-
baach, steet fir d'Gäsch
vum Camille's Gaart eng
Ligebänk ënnert engem
Alënter bereet. Op dëser
Plaz kann een d'Plätschere
vun der Millebaach ganz
däitlech héieren.

Ofschalten, de Kierper
entspanen an de Moment
genéissen; lauschteren, wat
d'Natur eis erziele wëllt;
sech virhuelen, de Mat-
mënschen éierlech noze-
lauschteren ...

FR

Écouter, c'est ce que
Camille savait faire !

Écouter attentivement, cela
signifiait deux choses pour
lui : connaître les avis, les
pensées, les soucis ou les
souhaits des citoyennes
et citoyens, des amis et
de la famille, et y réfléchir,
pour ensuite élaborer des
actions.

Se laisser inspirer des
autres, pour trouver lui-
même de nouvelles idées et
façons de faire créatives.

Sur une petite péninsule de
la Millebaach, protégée par
des haies et des arbres, se
trouve, pour les invités du
Camille's Gaart, un banc
pour s'allonger sous un
aulne. A cet endroit, on peut
clairement entendre clapoter
la Millebaach.

Se déconnecter ; détendre le
corps et profiter du moment ;
écouter ce que la nature
veut nous raconter ; se
promettre d'écouter sincère-
ment les autres ...

Ëmsetzung Ligebänk
Réalisation banc
APEMH s.c.
Ateliers Housingen



STATION 10

D'Famill

La famille



Kënschtlerin
Artiste
**Marie-Josée
Kerschen**



LU

Seit méi wéi engem halwe Jorhonnert stellen ech Skulpturen hier. No menge Studien zu Karlsruhe a Carrara schaffen ech zanter 1982 zu Veianen als fräischaffend an professionnell Bildhauerin.

Dëse Skulpturegrupp aus Eechenholz, als Erënnerung an Hommage un de Camille Gira, symboliséiert d'Famill, déi him immens wichteg war. Hien huet doheem déi Rou an Ënnerstëtzung fonnt, déi hie gebraucht huet fir säi villt Schaffen. Senge Kanner huet hien säin Engagement fir d'Ëmwelt domadder erkläert, dass hien sech spéider net wéilt froe loossen: „An du, wat hues du dann deemools gemaach?“ Hie war hinnen e léiwen a lëschtge Papp.

Ausser beim Camille selwer hunn ech bewusst kee Verglach mat reell existierende Persounen gesicht, si stinn zesummen an Harmonie a Verbonnenheet a verweisen op dem Camille seng ausgeprägte Mënschlechkeet.

FR

Depuis plus d'un demi-siècle je crée des sculptures. Après mes études à Karlsruhe et Carrara, je travaille depuis 1982 à Vianden comme sculptrice indépendante et professionnelle.

Ce groupe de sculptures en chêne, en mémoire et hommage à Camille Gira, symbolise la famille qui lui était très importante. À la maison il a trouvé le calme et le soutien dont il avait besoin pour venir à bout de ses multiples tâches. À ses enfants il a expliqué son engagement pour l'environnement, en disant qu'il ne voudrait pas qu'ils demandent un jour : « Et toi, qu'est-ce que tu as fait en ce temps-là ? » Il était pour eux un père aimant et joyeux.

À part chez Camille lui-même, je n'ai pas cherché la ressemblance avec des personnes existant réellement, elles se trouvent ensemble en harmonie et en liens étroits et montrent la grande humanité de Camille.



STATION 11

« Homo libri, ce que je lis me construit »



Kënschtlerin
Artiste
Florence Hoffmann

Entwurf
Conception
Florence Hoffmann
Ëmsetzung
Réalisation
Kunstgießerei Plein & d'Schlässerei Metallbau

LU

„Homo Libri, ce que je lis me construit“ symboliséiert de Mënsch, geformt duerch d'Denken, d'Liesen, d'Fantasie.

Dës Skulptur, déi een aus Bicher geformte Kierper duerstellt, ass en Hommage un de Camille Gira, e Mann vun der Iwwerzeugung an e grouse Lieser, deen d'Kraaft fir säi politescht Handeln aus engem erhellte Bewosstsinn gezunn huet. Hie war déif verwuerzelt zu Biekerech, eng Gemeng, där hien als Visionär säi Stempel opgedréckt huet, an do

FR

« Homo Libri, ce que je lis me construit symbolise l'humain modelé par la pensée, la lecture, l'imaginaire. »

Cette sculpture qui présente un corps façonné de livres, rend hommage à Camille Gira, homme de convictions et grand lecteur dont l'action politique puisait sa force dans une conscience éclairée. Profondément attaché à Beckerich, commune qu'il a marquée de son empreinte visionnaire, il y a semé des projets durables et une culture du lien. Grand lecteur, Camille portait en lui un monde en perpétuelle construction – à l'image de cette figure de bronze, enracinée dans un jardin pensé comme un lieu de mémoire et d'élan. Elle fait ici écho à la vie de Camille, entièrement dédiée à bâtir avec sens. Homo libri, ce que je lis me construit est dédiée à un homme dont l'héritage reste vivant : fait d'idées, de nature et d'humanité.

d'Entwécklung vu nohaltege
Projeten an eng Kultur vun
der Verbindung viruge-
driwwen huet. Als grouse
Lieser hat de Camille Gira
eng Welt aus dauerndem
Opbau a sech - wéi dës
bronze Figur, verwuerzelt an
engem Gaart, als Plaz vun
der Erënnerung an der Dy-
namik. Si erënnert un dem
Camille säi Liewen, voll a
ganz dem sënnvollen Opbau
verschriwwen. Homo libri,
ce que je lis me construit
ass engem Mann gewid-
met, deem seng Ierfschaft
lieweg bleift: gemaach aus
Iddien, der Natur an der
Mënschlechkeet.



Kënschtlerin
Artiste

Florence Hoffmann

D'Florence Hoffmann ass bildend
Kënschtlerin. Si formt d'Material
sou wéi een e Gedanke skulptéiert,
andeems si Bicher, Metall oder reell
Fragmenter vermëscht, fir eis Ver-
bindung zu der Welt ze hannerfroen.
Duerch en engagéiert a poetescht
Wierk léisst si d'Saachen an d'Rou
schwätzen, hei a soss anzwousch.

Florence Hoffmann est artiste plasti-
cienne. Elle façonne la matière comme
on sculpte une pensée, mêlant livres,
métal ou fragments du réel pour
interroger notre rapport au monde. À
travers une œuvre engagée et poé-
tique, elle fait parler les choses et les
silences, ici comme ailleurs.

Humor

Humour

12



Kënschtlerin
Artiste
Claudine Maillet

an Zesummen-
aarbecht mat
Kanner aus der
Maison Relais
Dillendapp
vu Biekerech
en collaboration
avec des enfants
de la Maison
Relais Dillendapp
à Beckerich

Ëmsetzung
Réalisation
**Claudine Maillet mat de
Kanner aus der Maison
Relais Dillendapp**

Iddi
Idée
Julia Schrell

Ënnerstëtzung
Soutien
**Personal vun der Maison
Relais, Gérard Anzia,
Gemeng Biekerech**

LU

Wat bedeit de Begrëff HUMOR?

Jidderee kennt d'Laachen, d'Schmunzelen..., an awer stelle mir eis bei dëser Statioun d'Fro, ob Humor och nach doriwwer erausgeet ... Dem Camille Gira säi Laache war op jiddefall scho vu Wäitem ze héieren! Säin intelligenten an drëschenen Humor war gutt bekannt an och e Mëttel, fir schwierig Zäite méi lichter ze iwwerbrécken. Mat sengem lichter ironeschen, awer ni bëisen Humor konnt hie seng Matmënschen opmonteren an huet se gäre mat lëschtege Geschichten aus senger Stuerm- an Drangzäit ënnerhalen!

An enger Gespréichsronn an der Maison Relais Dillendapp sinn d'Kanner ageluede ginn, sech mam Begrëff Humor genoe ausernee-zesetzen. Mir hunn éischt Andréck a passend Material zum Thema gesammelt, hu fir d'éischt skizzéiert an dann eis Iddie mat Acryl op Leinwand ëmgesat.

FR

Que veut dire l'expression HUMOUR ?

Tout le monde connaît le rire, le sourire ..., cependant à cette station nous nous posons la question si l'humour peut aller au-delà ... Le rire de Camille Gira, en tout cas, on pouvait l'entendre déjà de loin ! Son humour intelligent et son talent de pince-sans-rire étaient très connus, aussi comme moyen pour mieux surmonter des moments difficiles. Avec son humour légèrement ironique, mais jamais méchant, il pouvait égayer son entourage et aimait amuser les gens avec des histoires drôles de l'époque impétueuse de sa jeunesse.

Lors d'une table ronde à la Maison Relais Dillendapp, les enfants furent invités à se faire des idées sur l'expression humour. Nous avons recueilli leurs premières impressions, trouvé du matériel supplémentaire sur le thème, esquissé nos idées pour pouvoir ensuite les mettre en œuvre en acrylique sur toile.

An enger leschter Etapp sinn all d'Molereien an enger Assemblage zu engem gemeinsamen, grouse Konschtwierk zesummegefaasst an op Dibond-Platt gedréckt ginn.

Dans une dernière étape, tous les dessins ont été réunis dans un assemblage pour réaliser une grande œuvre d'art collective, imprimée sur plaque Dibond.

12

Kënschtlerin
Artiste
Claudine Maillet

Säit 2007 schaffen ech als autodidaktesch Molerin a stelle meng Konscht reegelméisseg aus, an Eenzel-a Gruppenausstellungen zu Lëtzebuerg an am noen Ausland. Heibäi hunn ech schonn eng Rei renommiert Präisser entgéint geholl.

Säit 2016 vermëttlen ech mäi kënschtle-rescht Wëssen a Coursen un Erwuesse-ner an u Kanner. Dëst maachen ech zu Useldeng, awer och bei Aluedungen a ville Schoulen a Kannerbetreungsariichtungen.

Ech si Präsidentin vum Konschtveräin „LA PALETTE“ zu Dikrech.

Depuis 2007, je travaille comme peintre autodidacte et montre régulièrement mes œuvres dans des expositions individuelles et collectives, au Luxembourg ou à l'étranger proche. Ainsi j'ai déjà pu recevoir quelques prix renommés.

Depuis 2016, je transmets mes connaissances artistiques dans des cours à des adultes et des enfants. Je pratique à Useldange, mais aussi par des invitations dans de nombreuses écoles et garderies d'enfants.

Je suis présidente de l'association artistique « LA PALETTE » à Diekirch.





STATION 13

Échange continu

Échange continu



Kënschtler
Artiste
Frank Fischbach

LU

Kreativitéit ass fir mech net nëmmen Deel vu mengem Beruff als Schoulmeeschter, mee dës kreativ Energie spigelt sech och a mengem kënschtleresche Schafen erëm. Meng besonnesch Virléift si Skulpturen an Installatiounen, déi ech aus verschiddenste Materialie kreéieren.

Den Titel „Échange continu“ reflektéiert béid Facettë vu mengem Frënd Camille: seng Léift zum Dëschttennis a säi politescht a soziaalt Engagement. Am Dëschttennis steet den Échange fir de konstante Ballwiessel – en dynamescht Hin an Hier. Genée esou war de Camille e Mënsch vum Dialog, deem ëmmer gelauschert, diskutéiert a Léisunge gesicht huet. Säin Austausch mat de Leit war ëmmer vun éierlechem Interessi – a seng Iddien a Wäerter liewen och haut weider, wéi e Ball, dee weidergespillt gëtt.



Ëmsetzung
Réalisation
Frank Fischbach

Beplanzung
Plantation
Commune de Beckerich

FR

La créativité n'est pas seulement une partie de mon métier en tant qu'instituteur mais cette énergie créative se reflète également dans mon travail artistique. J'ai une prédilection particulière pour les sculptures et les installations que je crée à partir de matériaux les plus variés.

Le titre « Échange continu » reflète les deux facettes de mon ami Camille : son amour pour le tennis de table ainsi que son engagement politique et social. Au tennis de table, l'échange symbolise le va-et-vient constant de la balle – un mouvement dynamique et fluide. De la même manière, Camille était un homme de dialogue, toujours à l'écoute, engagé dans la discussion et à la recherche de solutions. Ses échanges avec les gens étaient empreints d'un intérêt sincère et ses idées et valeurs continuent de vivre aujourd'hui, comme une balle qui ne cesse d'être renvoyée.

& grouse Mann

Un grand homme



Kënschtler
Artiste
Assy Jans

LU

Ech sinn 1961 zu Clierf gebuer. De Beruff vum Schlässer hunn ech am Institut Emile Metz zu Dummeldeng geléiert. Ganz jonk sinn ech mat der Konscht a Kontakt komm duerch mäi Papp, deen a senger Fräizäit gemoolt a mam Messer Holzfigure geschnëtzt huet.

Meng éischt Skulptur ass allerdéngs eréicht 1995 entstanen. Ech hat se mat de Reschter vun engem Gelänner, dat fir mäi Schwéierpapp war, hiergestallt. No weidere Wierker hat meng éischt Ausstellung e grouse Succès.

De Stol ass mäi léifstent Material, et huet mech gereizt, dëst haart a kaalt Material zum Liewen ze bréngen. Meng Skulpturen, ob se abstrakt oder figurativ sinn, drécken d'Harmonie vun der visueller an taktiler Perceptioun aus a maache Loscht se unzepaken. Ganz oft sinn se vun der Aktualitéit inspiréiert, duerch eng Skizz entstanen, an a mengem Liiblingsmaterial hiergestallt ginn, de Schwong

FR

Je suis né à Clervaux au Luxembourg en 1961. J'ai appris le métier d'ajusteur à l'Institut Emile Metz à Dummeldange. Tout jeune j'ai découvert l'art avec mon père qui, pour ses loisirs, a peint des tableaux et taillé au couteau des figurines en bois.

Ma première sculpture a cependant dû attendre jusqu'en 1995. Je l'ai réalisée avec les restes d'un garde-corps que j'avais fait pour mon beau-père. J'ai continué à créer des œuvres et ma première exposition a connu un grand succès.

L'acier est mon matériel préféré, j'étais tenté de faire vivre ce matériel dit dur et froid. Mes sculptures, qu'elles soient abstraites ou figuratives, expriment l'harmonie de la perception visuelle et tactile et donnent envie de toucher. Souvent elles sont inspirées par l'actualité et naissent comme croquis qu'il s'agit de réaliser dans mon matériel préféré, tout en gardant l'élan et la légèreté. Actuellement

Ëmsetzung
Réalisation
Assy Jans
Installatioun
Installation
Commune de Beckerich

an d'Liichtegkeet abegraff.
Momentan beschäftegen ech
mech vill mam mënschleche
Kierper a sengen Expres-
siounen, a seng Formen a
Beweegungen sollen de Stol
zum Liewe bréngen.

De Camille war e grouesse
Mann, an allem wat hie
gemaach huet, als Politiker,
mee virun allem als Mënsch.
Hie stung mat zwee Féiss
um Bueden, mee mat senger
Wäitsicht, war hien eis ëm-
mer ee Schrack viraus.

le corps humain avec ses
expressions me préoccupe
beaucoup et je me sers de
ses formes et mouvements
pour faire vivre l'acier.

Camille était un grand
homme, dans tout ce qu'il a
fait, en tant qu'homme poli-
tique, mais surtout aussi en
tant qu'être humain. Il avait
les deux pieds sur terre et
grâce à sa clairvoyance, il
avait toujours une longueur
d'avance sur nous.





STATION 15

De Fuuss

Le renard



Kënschtler
Artiste
Romain Schleich

LU

Ech si Konschtschmadd a Bildhauer. Fir mech ass et eng Leidenschaft mat onbegrenzte Méiglechkeeten.

Beim „Fuuss“ sinn d'Spill mat Liicht a Schied, grad wéi di gewëssenhaft an opmierksam Ausstralung, d'Hauptcharakteristiken, déi ech an d'Skulptur abréngen wollt.

D'Symbolik vum Fuuss symboliséiert net nëmmen dem Camille Gira seng Intelligenz, mee virun allem seng Kraaft, bei schwierge Projeten, duerchzehalen. Sou ass d'Fuussejuegd ënner sengem Wierke verbuede ginn – Lëtzebuerg hält heimadder eng Virreiderroll a ganz Europa an!

FR

Je suis artisan ferronnier et sculpteur. Pour moi c'est une passion avec des possibilités illimitées.

Chez le « renard », le jeu avec la lumière et l'ombre ainsi que le rayonnement consciencieux et attentif sont les principales caractéristiques que j'ai voulu intégrer dans la sculpture.

La symbolique du renard symbolise non seulement l'intelligence de Camille Gira, mais surtout sa persévérance dans des projets difficiles. Ainsi la chasse au renard a été interdite lors de ses fonctions – et le Luxembourg joue un rôle moteur dans toute l'Europe !

Ëmsetzung
Réalisation
Romain Schleich

Installatioun
Installation
Commune de Beckerich

Dës Skulptur steet awer och fir d'Reform vum lëtzebuergeschen Naturschutzgesetz, bei där hien a senger Roll als Staatssekretär fir Nohalteg Entwécklung an Infrastruktur entscheedend bedeelegt war. Während senger be-
deitender Ried fir d'Reform vum Naturschutzgesetz de 16. Mee 2018 virum lëtzebuergesche Parlament, hat de Camille Gira plëtzlech e Malaise an ass nach de selweschten Owend am Alter vu nëmmen 59 Joer verstuerwen.

Cette sculpture représente également la réforme de la loi luxembourgeoise sur la préservation du milieu naturel pour laquelle Camille a joué un rôle déterminant en tant que secrétaire d'État du Développement durable et des Infrastructures. Le 16 mai 2018, alors qu'il présentait son important discours concernant la réforme de cette loi devant le Parlement luxembourgeois, il fut subitement victime d'un malaise. Le soir même, il décédait à l'âge de 59 ans seulement.



Merci

Mir soe Merci fir di gutt Zesummenaarbecht & d'Ënnerstëtzung!
Un grand merci pour la bonne coopération et le soutien !

AEM
LIGHTING



ART&WISE
CREATIVE STUDIO

Beng
Architectes Associés



Ferro-Design



KAUFMANN & BIESEN s.à.

Kulturmillen
Am Geescht vun der Zäit

PLEIN
BRONZEN



GRVN
SIGNALISATION

made by *Sul*



REAL
CONSTRUCTIONS



Impressum

LU

Editeur
D'Gemeng Biekerech

Inhalt, Konzept & Redaktioun
Simone Weber & Julia Schrell
an Zesummenaarbecht mat de
bedeelegte Kënschtler

Layout
ART&Wise creative studio

Iwwersetzungen (L/F)
**Simone Weber &
Isabelle Bernard-Lesceux**

Fotoe Cover & Skulpturen
Art&Wise creative studio

Informationen
info@kulturmillen.lu

Éischt Publikatioun
2025

Drock
Autisme Luxembourg a.s.b.l.

All Rechter reservéiert.

FR

Éditeur
La Commune de Beckerich

Contenu, concept & rédaction
Simone Weber & Julia Schrell
en collaboration avec les artistes
impliqués

Layout
ART&Wise creative studio

Traductions (L/F)
**Simone Weber &
Isabelle Bernard-Lesceux**

Photos de couverture
& des sculptures
Art&Wise creative studio

Renseignements
info@kulturmillen.lu

Première parution
2025

Impression
Autisme Luxembourg a.s.b.l.

Tous droits réservés.

**Dës Broschür ass och
disponibel op Däitsch**

**Cette brochure est aussi
disponible en allemand**

kulturmillen.lu



**PRINTED IN
LUXEMBOURG**



„Man hat sich bemüht!“

« On s'est donné de la peine ! »

Dem Camille säi Liiblingszitat, fräi nom Willy Brandt.
La citation préférée de Camille, selon Willy Brandt.

E grouse MERCI u folgend an dësem Projet engagéierte Persounen.
Un grand MERCI aux personnes suivantes engagées dans ce projet.

Konzept / Concept

Gérard Anzia, Julia Schrell & Simone Weber

Artistesch Berodung / Conseil artistique

Françoise Bande & Jhemp Bastin

Technesch Berodung / Conseil technique

Gérard Anzia, Thierry Hollerich, Patrick Jacoby & seng Ekip

Mat der finanzieller Ënnerstëtzung vun
Avec le soutien financier de



**GEMENG
BIEKERECH**



natur&ëmweilt a.s.b.f.
Kanton Réiden